N°1393
Entrée le 18.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.10.2024

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2024

Här President,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Fonction publique an un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

Aktuell soll eng gréisser Unzuel vu Recourse vu Bréifdréier a Bréifdréiesche vu POST Lëtzebuerg virum Verwaltungsgeriicht agereecht gi sinn.

An deem Kontext géinge mir dem Här Minister fir d'Fonction publique an der Madamm Justizministesch follgend Froe stellen:

- Stëmmt et, datt vill Recourse vu Bréifdréier a Bréifdréiesche virum Verwaltungsgeriicht a Relatioun mat engem Reklassement agereecht gi sinn? Wéi vill Recourse sinn et der genee ?
- Féieren dës onzieleg eenzelnen Recoursen net zu enger Iwwerlaaschtung vun dem schonns ganz chargéierte Verwaltungsgeriicht?
- Wat kenne Persounen déi an esou enger änlecher Situatioun wéi d'Bréifdréier a Bréifdréieschen si virum Verwaltungsgeriicht maachen ouni d'Geriichter ze surchargéieren ?

Mat déiwem Respekt,

Georges Engel
Deputéierten

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu